Socially-Responsible-Investment-Strategie um Niveau vun den ESGe geholl ginn. Duerfir mécht de Fong bewosst a laangfristeg Entscheedungen an e mécht dat, andeem en a sougenannten ETF-Fongen oder OPCVMen (ndlr: Organismes de placement collectif en valeurs mobilières) investéiert. A bon, d'Weltpolitick ass haut eng aner, an duerfir ass och déi Performance da manner grouss gewiescht.

Eng nei Politick ass déi, fir eng zukunftsorientéiert Ausriichtung ze schafen. Déi baséiert sech och dee Moment dorop, dass de Comité d'investissement eng nei Investitiounspolitick ausgeschafft huet. Do sot Der: „Wat ännert dann do an dem Portefeuille?" Mee Follgendes: Bis d'lescht Joer huet de Fong exklusiv an Aktien an Obligatiounen, wéi ech dat virdru gesot hunn, iwwer ETFen an OPCVMen investéiert, elo mat 40 % Aktien d'lescht Joer, 57 % Obligatiounen. Den Obligatiounsundeel – an dat ass wichteg ze wëssen – geet elo op 33 % erof, wärend den Aktienundeel sech op 50 % erhéicht. Et ass e Shift, deen do geschitt. Dat ass manner konservativ, mee et ass awer nach ëmmer responsabel, an trotzdeem bleift de Fong duerfir an ETFen a bei OPCVMen, wou en investéiert.

Gläichzäiteg investéiert en awer och an eng nei Klass vun Aktiven. Dat sinn déi sougenannten alternativ Investitiounen. Wat ass dat? Mee dat sinn 10 % Private Equity. Dat sinn Investitiounen zum Beispill a kleng Startuppen, Firmen, déi awer an Zukunftssecteure si mat Potenzial. Dat sinn och 4 % – 4 %! –, déi an de Logement investéiert ginn zu Lëtzebuerg, fir de Wunnengsmaart ze stäerken, mat stabille Recetten. An et ass, wéi Der dat virdru gesot hutt, och 1 % a Kryptoaktiva, besonnesch a Bitcoinen. Dat ass awer eng Investitioun, déi och geduecht ass, fir d'Agilitéit vun der Finanzplaz an deem Beräich ze ënnersträichen.

Dir frot mech de genaue Cours, wéi deemools kaf ginn ass. Dat weess ech net. Dee war awer méi héich, wéi en elo ass. Ech hu just de Moien an enger Dageszeitung gekuckt: En ass vu gëschter op haut awer erëm ëm 3,8 % an d'Luucht gaangen. Leet mech awer elo net fest op dee Prozent! Ech hunn net zu hinne gesot, si solle Bitcoine kafen, mee si hunn dat awer fonnt, fir ... An et ass 1 % vun där gesamter Investitiounsmass. Et muss een och derbäi bedenken: Et ass net, dass een haut keeft a muer verkeeft. Dat ass eng längerfristeg Strategie.

Dann: Wou sti mer haut mat der Ëmsetzung? De Fonds souverain huet, wéi gesot, eng laangfristeg Perspektiv. Den Ëmbau vum Portfolio ass zanter 2025 amgaangen. Dir hutt jo scho gesinn, dass mer do awer e weesentleche Shift zwëschent Aktien an Obligatiounen hunn, soudass haut eigentlech d'Aktie 56 % ausmaachen an d'Obligatiounen dann nach 3 %. Also ass schonn eng weesentlech Restrukturatioun komm.

Am Private-Equity-Beräich sinn Investissementer getätegt gi fir 20 Milliounen Euro. An dat maache mer zesumme mat dem Fonds européen d'investissement. Dat ass en Aarm vun der BEI. Dat ass näischt Neits, well dat mécht och zënter Längerem d'SNCI, also eis national Kredit- an Investitiounsgesellschaft. Dat sinn déi Luxembourg Future Funds 1 an 2. Sëtzt den Ekonomiesminister hei? E fréieren Ekonomiesminister. Wat ass do geduecht? De Fonds européen d'investissement, déi hunn d'Expertis an de Strategien, dat heescht, fir an engem méi Héich-Risiko-Secteur eenzel Entreprisen ze identifizéieren, wou se dann investéieren, a mir hänken eis da mat dem Luxembourg Future Fund 1, 2 – do si se amgaangen, den Drëtten opzesetzen – do drun an eng änlech Strategie verfollegt de Fonds souverain.

An donieft ass de Fonds souverain och mat 25 Milliounen Euro beim Fonds national de défense, dee mat der SNCI opgeluecht gëtt, aktiv. Dat heescht, niewent enger Gestioun vun engem Risiko, niewent enger Produktioun vun engem Rendement, dee sech an deene Beräicher soll erëmspigelen, déi ech Iech gesot hunn, wëll dee Fonds souverain och nei Secteuren identifizéieren.

Dat kann an digitale Wärunge sinn, dat kann och um Niveau vun der Defense sinn, dat kann awer och um Niveau vu Startuppe sinn an ënnerschiddleche Beräicher, well en dat och am Sënn vun enger Apprehensioun vun zukünftege Generatioune wëllt matspigelen. Ech kéint mer zum Beispill virstellen, dass en och géif a Secteuren investéieren, déi vläicht do manner identifiéiert sinn, mee déi awer eng Zukunftsvisioun hunn. Dat ass zum Beispill de Satellitteberäich, dat ass zum Beispill de Beräich vun der Cyberresilienz, wéi dat esou schéin heescht, dat heescht der Protektioun vu Lëtzebuerg géintiwwer vu Cyberattacken. Dat si ganz nei Secteuren, déi awer och um Niveau vum Rendement wierklech net oninteressant sinn.

An eng lescht Saach, an da schléissen ech, dat ass: Ech kéint mer perséinlech och virstellen, dass een dat, wat fréier bei der Sécurité sociale geschitt ass, nämlech dass Gebaier, wou Staatsverwaltungen dra sinn, wou Verwaltunge vun Établissement-publicken dra sinn ..., well dat e feste Rendement gëtt. Fréier hunn d'Sozialversécherungen dat gemaach. Dass d'Sozialversécherungen dat esou zum Beispill kéinte maachen, dass fir mech awer och e Fonds souverain dat kéint maachen, dat heescht ... Well do hätt e vum Staatsbudget e Rendement, dee fest wier, dee sécher wier a wou de Staat eigentlech mat sengen eenzelnen Acquisitiounen och kéint de Budget erliichteren, ouni dass déi Verwaltung oder déi Servicer, déi do dra sinn, iergendwellech Beanträchtegungen hätten. Mee dat ass meng perséinlech Virstellung. Ech hunn do net anzegräifen, mee dat, wat fréier gemaach gouf um Niveau vun de Sozialversécherungen, wat eng Win-win-Situatioun wier, ech mengen, dat ass eppes, wouriwwer een och kéint weider nodenken.

D'Chamber – ech maachen do keng Kritick, ech soen dat ganz éierlech – huet an der Zäit relativ deier Immeublë kaaft. A wann ech gesinn, dass vläicht do herno just eng Verwaltung dra sëtzt, mee da kéint ee vläicht doriwwer nodenken, do dee Shift ze maachen, dass een dat vläicht net einfach kaaft huet, mee dass een dann zum Beispill engem Fong oder de Sozialversécherungen dat géif verkafen an een dat längerfristeg loune géif. Dat géif kee beanträchtegen, et géif kengem eng Zack aus der Kroun falen a mir hätten awer do de Budget och zum Deel e bëssen entlaaschtt.

Merci. Et sief dann, wann nach eng Fro do wier.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Dann ass d'Fro un den Här Bauler, ob en nach eng Zousazfro huet.

**M. André Bauler** (DP) | Jo, ech wollt dem Minister villmools Merci soe fir all seng Ausféierungen. Dat war ganz detailléiert. Well en elo zum Schluss dat vun den Immobilien evoquéiert huet, wollt ech just froen: Hutt Dir elo schonn eng Virstellung, wéi dat ponderéiert wier? Oder iwwerloosst Der dat nach Äre Gremien? Merci.

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | De Finanzminister ass zoustänneg fir d'Domänen. Da soen ech dat aus dem Bauch eraus. Mee et ass nach ëmmer eng Decisioun vun der Chamber. Mee ech hu festgestallt, dass an der Vergaangenheet, ouni dass ech eng Wäertbeurteelung dovunner maachen, d'Chamber emol fir 263,5 Milliounen u Gebailechkeete participéiert huet. Et kéint ee sech zum Beispill virstellen, dass ee mat deene Gebaier e Sale-Lease-Back mat dem Fonds souverain oder mat de Sozialversécherunge kéint maachen, wat zur Satisfaktioun vun de Sozialversécherungen, vum Fonds souverain a vun dem Staatsbudget kéint féieren.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et misst ee vläicht och manner privat Gebaier lounen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister.

## 14. 8692 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 24 mars 1989 sur la Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg

An da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 8692, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Spuerkeess. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Deemno huet d'Rapportrice 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéiten hu jeeweils 5 Minutten, d'Regierung huet 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Diane Adehm, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm.

***Rapport de la Commission des Finances***

**Mme Diane Adehm** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetzesprojet maache mir eng technesch Adaptatioun vum Gesetz iwwert d'Spuerkeess. Et geet ganz konkreet ëm d'Leit, déi haut bei der Spuerkeess schaffen a scho virum 1. Januar 1999 iergendwou am ëffentleche Secteur geschafft hunn, sief et beim Staat, sief et op enger Gemeng, an engem Établissement public oder bei der Eisebunn. A betraff vun dësem Gesetzesprojet si ronn 540 Persounen.

D'Gesetz vum 19. Dezember 2025 iwwert d'Pensiounsreform gesäit vir, dass Leit, déi virum 1. Januar 1999 am ëffentleche Secteur geschafft hunn, net ënnert d'Dispositioune vun eeben dësem Gesetz falen an deemno och net musse méi laang cotiséieren. D'Agente vun der Spuerkeess waren am Kader vun dësem Gesetz, also vum 19. Dezember 2025, vergiess ginn. A mam Gesetz, dat mir haut stëmmen, soll dat nogeholl ginn.

Här President, erlaabt mer, zu den Avisen iwwerzegoen. Et sinn am Ganzen dräi Avisen erakomm.

D'Chambre de Commerce hëlt dëse Gesetzesprojet zur Kenntnis, ouni en ze kommentéieren.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begréisst dëse Gesetzesprojet.

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Opposition formelle gemaach. Hie mécht awer eng Bemierkung respektiv zwou Bemierkungen iwwert de Gesetzesprojet:

E stellt engersäits fest, dass op der Basis vun der aktueller Gesetzeslag de Beamte vun der Spuerkeess e Supplément de pension vun der Spuerkeess bezuelt kritt, wann hien d'Konditiounen erfëllt, fir vum Pensiounsregimm vun de Staatsbeamten ze profitéieren. Laut dem Staatsrot wier dës technesch Adaptatioun, iwwert déi mir haut diskutéieren, net néideg fir d'Spuerkeess-Beamten, mee si géing der Spuerkeess hir finanziell Charge erofsetzen. De Finanzminister huet dat awer anescht gesinn a sot eis an der Kommissioun, datt d'Leit ouni dëse Gesetzesprojet misste méi laang schaffen.

Anerersäits huet de Staatsrot och ugemierkt, dass de Champ d'application vum Gesetzesprojet net ganz kloer wier. Et géing nämlech drëm goen, datt d'Leit virum 1. Januar 1999 allgemeng am ëffentleche Secteur geschafft hunn. Am Exposé des motifs steet awer, dass et ëm d'Leit geet, déi virum 1. Januar 1999 bei der Spuerkeess geschafft hunn. Och hei huet de Finanzminister eis déi néideg Erklärunge ginn.

Zu der Prozedur vun dësem Gesetzesprojet war Follgendes ze soen: De Gesetzesprojet gouf den 28. Januar 2026 vum Finanzminister deposéiert. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 17. Mäerz ginn, de Staatsrot huet säin Avis den 21. Abrëll ginn an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 29. Abrëll. Ech gouf an der Sitzung vun der Finanzkommissioun vum 12. Mee zur Rapportrice designéiert. An der nämmlechter Sitzung gouf de Projet virgestallt an d'Avise sinn analyséiert ginn. An de Rapport vun der Finanzkommissioun gouf den 9. Juni an der Finanzkommissioun ugeholl. Fir all weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Här President, domadder schléissen ech mäi Rapport als Rapporter of an ech wéilt just nach e puer Sätz als Spriecherin vu menger Fraktioun soen.

***Discussion générale***

Als CSV-Fraktioun begréisse mir, datt mat dësem Gesetzesprojet fir eng kohärent Ëmsetzung vun der Pensiounsreform am gesamten ëffentlechen Déngscht gesuergt gëtt. An domadder ginn ech selbstverständlech den Accord vu menger Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Adehm Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. D'Madamm Adehm war esou detailléiert, esou komplett an esou pedagogesch an dëser dach séier spezifescher Matière, datt ech deem eigentlech näischt méi bäizefügen hunn, ausser datt ech den Accord vu menger Fraktioun ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Bauler. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Mir ginn och den Accord zu dësem Projet de loi.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Fayot. Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Mir ginn och den Accord.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, mir ginn och den Accord.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Tanson. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Ma da muss ech Iech leider enttäuschen. Mir wäerten eisen Accord net ginn. Mir wäerten eis bei dësem Projet enthalen, well mer och d'Pensiounsreform net matgestëmmt hunn. An engersäits, wa mer dat heite géife matstëmmen, da géife mer dat indirekt och mat ënnerstëtzen. An anerersäits, wa mer dergéint géife stëmmen, da missten d'Leit méi laang schaffe goen, déi et net misste maachen. Dofir ass déi eenzeg logesch Konsequenz, sech hei ze enthalen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Merci och de Kolleege fir Är Gedold. Et ass op eis Initiativ hin, datt iwwerhaapt iergendeen heizou schwätze muss. Mee ech mengen, et gëtt awer zwou Saachen ze soen. Effektiv ass et esou, datt dat hei d'Ëmsetzung vun der Pensiounsreform ass, déi mer virun engem hallwe Joer hei intensiv debattéiert hunn a wou mer och eis Argumenter duergeluecht hunn, firwat mer géint déi vun der Regierung proposéiert Pensiounsreform sinn. Well se och eng weider Ongerechtegkeet schaaft: Si setzt nämlech e Stéchdatum, an dat ass den 1. Januar 1999. All déi Leit, déi do virdrun am ëffentlechen Déngscht geschafft hunn, mussen net déi aacht Méint méi laang schaffe goen. An all déi Leit, déi am Mäerz 1999 agestallt gi sinn, mussen elo aacht Méint méi laang schaffe goen. Ech fannen dat eng Situatioun, déi héchst onglécklech ass. An duerfir wäerten och mir eis bei dësem Projet enthalen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Baum. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Minister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Gilles Roth,** Ministre des Finances | Merci, Här President. Och merci der Rapportrice, dem Diane Adehm, an all den Intervenanten. Ech wëll just nach eng Kéier och eppes kloer soen: Den Accord ..., et war en Netaccord an der deemoleger Sozialronn, mee dat, wouriwwer ee sech verstännegt hat, dat war, keng Distinctioun ze maachen zwëschent Staatsbeamten, déi virun dem 1. Januar 1999 agestallt goufen, an de Beamte vun der Spuerkeess als Établissement public. Dat war d'Ausgangslag.

Hei ass et awer elo esou gewiescht – déi Pensioun gëtt jo vun der Privatpensiounskeess bezuelt –, dass déi Beamten da keen Zougang zu der Pensioun hätten, wa se net géifen ee bis aacht Méint méi laang schaffen. An dat wier dann eng Diskriminatioun a contraire zu deem, wat ofgemaach war mat de Sozialpartner.

Elo ass et och nach esou, dass, wann en Agent no 480 Cotisatiounsméint mat zum Beispill 61 Joer am Kader vum Régime spécial transitoire seng Pensioun géing ufroen, ouni dass dësen Agent dann op seng nei Cotisatiounsperiod vun engem bis aacht Méint méi géing kommen, deen da laut Privatpensiounskeess eréischt mat 65 Joer en Urecht drop hätt, eng Pensioun ausbezuelt ze kréien. An da misst d'Bank integral d'Pensioun zwëschent dem 61. a 65. Joer bezuelen, obschonn de Beamte respektiv d'Bank dann och ëmmer an d'Privatbeamtepensiounskeess abezuelt hunn.

An duerfir maache mer déi Adaptatioun hei, fir deem, wat ofgemaach war, Rechnung ze droen an dat dann an d'Gesetz afléissen ze loossen. A wann Der zréckgitt op d'Gesetz vun 1989 vun der Spuerkeess, do ass dat och ganz kloer dokumentéiert ginn, dass déi Leit alleguerten assimiléiert sinn. An dat ass och esou a sollt och esou bleiwe par rapport zum Stéchdatum vum 1. Januar 1999.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8692 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8692[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8692 et dispense du second vote constitutionnel***

An d'Ofstëmmung fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Kënnt Der nach kucken, d'Procuratiounen alleguer ze huelen, wannechgelift? Dat ass méi kompliźéiert. Da schléissen ech de Vott esou of.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, 4 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 55 Jo-Stëmme géint keng Nee-Stëmm bei 4 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Zeimet), Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Charles Weiler), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel (par M. Gusty Graas), Corinne Cahen (par M. Gérard Schockmel), MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Guy Arendt), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um 14.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 19.14 heures.)*